N°4338
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n° 4338 vum 29. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet "Gestion des appels d'urgence à risque suicidaire".**

**1. Gëtt et fir Operateure vum 112 eng spezifesch Formatioun am Ëmgang mat Appeller vu Persoune mat eventuelle Suiciderisiken, a wa jo, wat deckt dës Formatioun of?**

Den allgemengen Ëmgang mat psychiatreschen Noutfäll ass Bestanddeel vun der Basis-Ausbildung fir déi opérationnell Pompjeeën am Beräich «Secours à personnes». Dorënner falen och d'Opérateure vun der Asazzentral CSU-112.

Zënter 2019 ginn och verschidden thematesch Formatioune ronderëm d'Gespréichsféierung a kritesche Fäll fir d'Personal vum CSU-112 organiséiert (z.B. Crew Ressource Management, Simulphone fir d'Live-Simulatioun vu kriteschen Noutriff, Kommunikatiounsschulung). Eng spezifesch Formatioun zum Emgang mat engem Selbstmordversuch ass dëst Joer och virgesinn.

**2. Gëtt et Protokoller fir den Triage vu Krisesituatiounen, déi explizit psychiatresch oder suizidal Indicateure berücksichtegen — ënner anerem wann eng Persoun vu fréiere Versich schwätzt?**

Den Operateur vum CSU-112 gëtt bei all Noutruff duerch e standardiséierte Froekatalog (*standardisierte Notrufabfrage DIAS*) ënnerstëtzt, an deem och psychiatresch Fäll couvréiert sinn. Wann een akuten Noutfall erkannt gëtt, gëtt eng Ambulanz alarméiert fir de Patient an déi noosten Déngschtklinik ze bréngen.

Fir de Fall wou awer keen akuten Noutfall erkannt gëtt, ass et trotzdem d'Aufgab vum Operateur vum CSU-112, den Uruffer ze beroden an hien op aner Servicer hinzeweisen, bei deenen dësen Hëllef ka froen. Den Uruffer gëtt awer och drop higewisen, datt en den 112 nach eemol soll uruffen, wann d'Situatioun sech sollt verschlechteren.

Dës Virgoensweis ass am *Référentiel opérationnel* vum CGDIS, sou wéi an den zougehéierege Prozeduren définéiert.

**3. Gesäit d'Regierung an dësem Prozess e systematesche Problem an der Koordinatioun tëschent dem 112 an de psychosoziale Krisendéngschter, a wa jo, wat sinn d'Konsequenzen am Beräich vun der Aus- a Weiderbildung vun den Operateuren?**

De CGDIS stëmmt sech reegelméisseg mat alle Partner of an ass stänneg beméit seng Prozedure weider ze verbesseren.

Bei dësem konkrete Fall konnt kee Feeler an der Koordinatioun oder der Prozedur festgestallt ginn.
Zu der stänneger Weiderentwécklung gehéiert och d'Grond- a Weiderbildung vun den Operateure vum 112, déi permanent ugepasst gëtt. Den CSU-112 ass ëmmer beméit, seng Formatiounsoffer ze verbesseren, ass dobäi awer oft op extern, esouguer international Partner ugewisen, well d'Offer u

Formatiounen zu Lëtzebuerg fir dee ganz speziféschen Domaine vum Noutruff ganz kleng bis quasi inexistent ass.

Aus deem Grond engagéiert de CGDIS sech a villen internationalen Netzwierker, wéi zum Beispill d'European Emergency Number Association EENA oder de Fachverband Leitstellen, dëst mam Zil fir den internationalen Standard iwwert dee Wee kënnen ze léieren an zu Lëtzebuerg beschtméiglech unzewenden.

**4. Den Operateur, deen am Februar 2024 den Appell vun der Betraff ener entgéintgeholl huet, huet laut Pressebericht keng beruflech Konsequenze gedroen. Kann de Minister erklären, ob an dësem Fall eng intern Enquête oder Disziplinaruntersuchung beim CGDIS duerchgefouert gouf, a wéi eng Krittären entscheede beim CGDIS, ob en Tëschefall mat déidlechem Ausgang disziplinaresch Konsequenzen no sech zitt?**

Opgrond vun den allgemengen gesetzlechen Dispositiounen iwwert de Statut vun de Staatsbeamten ass et de Generaldirekter vum CGDIS den, vu Fall zu Fall, no enger individueller Analyse vum Dossier, iwwert disziplinaresch Konsequenzen décidéiert. An dësem Fall goufen déi disziplinaresch Prozedure opgrond vun der penaler Prozedur a Suspens gehal. De *Commissaire du gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire* gouf awer vum CGDIS saiséiert, fir déi disziplinaresch Instruktioun nom Ofschloss vun der Geriichtsaffaire duerchzeféieren.

**5. Ass am CGDIS e systematescht Feedback- oder Qualitéitssécherungsprotokoll virgesinn, deen no kritesche Fäll ausgeléist gëtt — onofhängeg vum strofrechtleche Verfaren?**

De CGDIS huet a senger Generaldirektioun e Service *Gestion de Qualité*, deem seng Missioun et ass, d'Prozesser innerhalb vum CGDIS permanent z'optimiséieren. Zu de Schlësselmissioune vun dësem Service gehéiert d'Gestioun vu Reklamatiounen, déi als Input fir Verbesserungen ugesi ginn, d'Analyse vu komplexen Interventiounen, fir Beräicher fir eng Optimiséierung z'identifizéieren, an déi reegelméisseg Evaluatioun vun interne Prozeduren, dëst fir d'Effizienz an d'Qualitéit vum Service um Bierger ze verbesseren.

**6. Wéi vill vun den Operateuren hunn eng Formatioun als Secouriste?**

Zënter der Schafung vum CGDIS huet all neien Operateur vum CSU-112 entweder schonn eng fäerdeg Ausbildung als Beruffspompjee oder e mécht no de Standarde vum CGDIS eng Ausbildung am Beräich *Secours à personnes*.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN